Lëtzebuerg, den 12. Juli 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG


DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu


Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„Zanter enger Rei Jore gëtt geplangt fir den Dikricher Härebierg iwwer eng Aart Brëtell un de Rond-point Fridhaff unzeschléissen. Dëst géif et der Kasär Grand-Duc Jean erlaben, fir en direkten Accès un d'B7/A7 respektiv un d'N7 ze kréien.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- *Ass et an Tëschenzäit méiglech gewiescht, fir all déi erfuerdert Terrainen, déi fir dës Verbindung gebraucht ginn, opzekafen?*
- *Kéint den Här Minister de geneeë Verlaf vun dëser geplangter Entlaaschtungsstrooss beschreiwen?*
- *Si bei der Realisatioun vun dësem Projet Kompensatiounsmoossnamen néideg? Wa jo, wat wieren dat fir Mesuren?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten